# HESPER JUGENDGEMENGEROT

Rapport vun der Versammlung vum 04/05/2014 um 19:00 Auer.

**Präsenzen:** Stefano, Laura, Pit, Yves, Denis, Emerson
Romain vum Jugendtreff, Gary vum 4motion
**Entschëllegt:** Claude

Themen déi beschwat gi sinn:

- Neien Internetsite
- Nei Leit
- Maart
- Grillplaz
- Jugend-Talk
- Poubellen
- Floumaart
- Mini-Hesper
- Evenmenter mat Jonken
- Flyer vum Jugendgemengerot
- T-shirten

## Neien Internetsite

Den Gary wäert nokucken op all Rapport drop ass.
Et soll eng nei Foto fir d'Frontpage gemaach ginn.

## Nei Leit an Disponibilitéit vun den Memberen

Haut ass den Emerson nei beikomm an ab nächster Reunioun wäert den Mergim och erëm dobäi sinn.
Den Denis wäert an enger Woch voll an den Examen sinn, an duerno vill ënnerwee fir Vakanz an nei Uni, ab September dann op der Uni. Mee ëmmer gären dobäi wann den Datum gutt fällt. Déi éischt 2 Wochen Juni ass all Dag Training fir d'Europameeschterschaft. Mëttwochs owes geet och gutt.
D'Laura fällt den Rescht vum Trimester aus well elo all d'Prüfungen ustin an och elo all Samschden vun 10 bis 12h wéinst Jugendparlament.
Den Yves huet an den nächsten 3 Wochen Examen.
Pit: am beschten Mëttwochs owes. Ab 18 Auer.
Stefano ass normalerweis disponibel 1-2 mol am Mount.
Ab August wäert vun 4motion aus och eng nei Persoun den Jugendgemengerot begleeden, d'Magali De Rocco.

## Nächsten Jugendtalk

Eventuell Enn September een Jugend-Talk organiséieren, vläit am Jugendtreff.

## Poubellen

Et sinn nei Poubellen opgestallt ginn mee nach ëmmer keng mat Äschebecheren.

### Maart

D'ganzt Konzept ass nach eng Kéier diskutéiert ginn. Den Gary soll eventuell den JGR den 14ten Mee am Gemengerot vertrieden fir d'Konzept firzestellen.
Den Jugendgemengerot schléit och fir dass Verainer do sollen Snacks an Gedrénks verkafen an dass d'Recetten dann do selwecht giffen verdeelt ginn wéi um Chrëschtmaart.
De Jugendgemengerot giff och selwer gären heiansdo een Stand um Maart maachen, am léiwsten während den Vakanzen.
Den Feydert soll nach vum Pit gefrot ginn.

### Floumaart

D'Jugendhaus organiséiert fir Hierscht een Floumaart.

### Mini-Hesper

Pit, Stefano, sinn fort.
Emerson, Mergim sinn do, mee schaffen fir d'Jugendhaus.

### Evenementer mat villen Jonken

Thema „Mateneen“, Fest am Park Houwald: 5. Juli, Samschdes:
**Fort:** Denis. **Do:** Stefano, Pit, Laura, Emerson, Mergim.

### Flyer vum Jugendgemengerot

Gary schafft eng Propose vun engem Flyer aus fir den JGR a kuckt mam Christian fir den Layout. Bei Froen: kuckt no den Leit mat den bloen JGR T-shirts. E-mail Adress, Site, Telefonsnummer vum Jugendhaus.

## T-shirten vum Jugendgemengerot

### Gréissten vun den T-Shirten:

- 5 S
- 25 M
- 15 L
- 5 XL

Faarf: Blo

Den Jugendtreff print esou Saachen normalerweis zu Sandweiler, wahrscheinlech bei http://printshop4you.eu.
Gary këmmert sech drëm fir dass déi op Bio an Fair-Trade gedréckt ginn.